N°1495
Entrée le 11.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.11.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11 November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft weiderzeleeden:

„Bongerten hunn en héije Stellewäert fir d'Biodiversitéit zu Lëtzebuerg. Si stäerken net nëmmen de Klimaschutz, ma se sinn och essentiel fir den Aarteschutz, z.B. vu Fliedermais, Villercher oder vum Kéiseker, deen ëmmer méi bedreet ass. An deem Kontext ginn Efforte gemaach, fir d'Leit ze sensibiliséieren, ewéi zum Beispill mat der Aktioun „Kierfchen" vum Natur - & Geopark Mëllerdall, déi d'Leit iwwer Bongerten informéiert. An den Naturschutz-Syndikat SICONA, deen sech ëm den Erhalt vu Bongerte bekëmmert, planzt jonk Uebstbeem, déi noutwenneg sinn, fir déi wäertvoll Biotopen z'erhalen. A Bayern ass en Aktiounsplang fir d'Erhale vun de Bongerte bis 2028 en Place gesat ginn.

*An deem Kader wollten mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft folgend Froe stellen:*

- Wéi huet sech d'Fläch vun de Bongerten hei zu Lëtzebuerg an de leschte Joren entwéckelt a wéi gesond sinn déi besteeënd Bongerten?
- Ginn et Initiative fir nei Bongerten unzeleeën?
- Ass den Ëmweltministère am Kontakt mat den Naturschutzsyndikater, fir d' Bongerte weiderhin z'erwéideren?
- Wei gesäit et mat dem nationalen Aktiounsplang fir den Erhalt an d'Férderung vun de Bongerten aus ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu